

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Mir ass zougedroue ginn, datt e Mann an enger zimmlech uerger Verfassung a mat besuergneserregende Krankheetssymptomer muss hei zu Lëtzebuerg onbestëmmten Zäit op eng Tomoscintigraphie waarden. Ursach schéngt net d'Verfügarkeet vun de medezineschen Apparater ze sinn, mee et feelt un engem Reaktivstoff, dee fir dës Ënnersichung gebraucht gëtt an deem de belsche Fournisseur vum Spidol net liwwere kann. De Patient selwer stellt sech Froen, déi ech heimat wëll un d'Madamm Minister weiderginn:

1. Sinn d'Spideeler u belsch Importer gebonnen oder kënnen si sech bei engem ze laangen Delai oder bei enger Urgence och an anere Länner mat deem néidege Material versueren?
2. Wann nee, wat ass d'Ursach fir esou Contrainen, déi eis Spideeler un ee Fournisseur bannen?
3. Gëtt et keng Reserven hei am Land, wou Spideeler bei engem Noutfall esou Material kéinte bezéien?
4. Kënnen d'Spideeler ënnerenee sech net hëllefen?
5. Wéi dacks kënnt et fir, datt benéidegt medezinescht Material oder Medikamenter net direkt verfügbar sinn?
6. Wéi dacks ass dat op Liwwerengpäss an der Belsch zeréckzeféieren, a wéi dacks wäeren dës Artikelen iwwert aner Importlänner verfügbar gewiescht?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten